

Lëtzebuerg, den 25. Oktober 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,
bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Mobilitéitsminister weiderzeleeden:

*„Op der Contournementsbréck vun der B7 tëscht Schieren an
Angelduerf ass d'Vitess erofgesat ginn vun 90 Km/St. op 50
Km/St. Et schéngt, wéi wann et Problemer op der Bréck géife ginn.
Bis kuerz virun de Radar Richtung Stad ass d'Vitess vun 90/St. op
70 erofgesat ginn. Och déi aner Richtung däerf nach just 70 Km/St.
gefuer ginn.*

Dofir wollt ech dem Här Mobilitéitsminister folgend Froe stellen:

- *Wat ass déi genee Ursaach vun dëser Vitessreduktioun?*
- *Wat fir Aarbechte sinn de Moment geplangt?*
- *Wou ass de Projet vun der Erweiderung vun der B7 drun?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu